PIRATEN
SENSIBILITÉ POLITIQUE
22, RUE DE L'EAU
L-1449 LUXEMBOURG

N°1680
Entrée le 18.12.2024
Chambre des Députés
Déclarée recevable
Président de la Chambre des Députés
(s.) Claude Wiseler
Luxembourg, le 18.12.2024

Claude WISELER
President vun der
Chamber vun den Deputéierten
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 18/12/2024

**Här President,**

**Sou wéi den Artikel 80 vun eisem Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un de Minister fir Ëmwelt, Klima an Biodiversitéit weiderzeleeden.**

All Joer, vun ongeféier Mëtt Oktober bis Mëtt Dezember, si wärend enger Rei Wochen iwwerall am Land vill Klappjuegten. D'Zil vun de Klappjuegten soll et sinn, fir déi sougenannten Iwwerpopulatioun u Wëlldéieren ze reguléieren.

Mee d'Klappjuegd als Léisung fir d'Iwwerpopulatioun schéngt net wierklech ze gräifen. Et gi genuch Argumenter géint dës aggressiv Juegdmethod, wou Wëlldéieren a Panik an ënner Iwwerliewensstress geroden, wat och een Impakt op de Reproduktiounsrythmus vun den Déieren huet.

Wann een d'Ofschlosszuelen aus de leschte Joren kuckt, gesäit een, dass Joer fir Joer méi Wëlldéieren erschoss ginn, mee et ass nach ëmmer net gewosst, wéi vill Déieren dann tatsächlech an de Bëscher liewen. An de järleche Berichter vum Ëmweltministère fënnt een nëmmen d'Ofschlosszuelen, mee keng Bestandszuelen.

An deem Zesummenhang wéilt ech dem Minister dës Froe stellen:

1. Wéi vill Klappjuegten goufen 2023 an 2024, opgelëscht pro Mount, ofgehalen?
2. Op wéi ville Juegten goufen an de vergaangene fënnef Joren Alkoholprouwen gemaach?
3. Wéi vill Zesummestéiss goufen et an deene vergaangenen véier Joren, opgelëscht no Mount, tëschent Wëlldéieren a Stroossegefierer?
4. Existéieren Zuelen dozou, wéi vill Accidenter mat Juegdhënn passéiert sinn oder wéi vill Mol Juegdhënn fortgelaf sinn?

Mat déiwem Respekt,

GOERGEN Marc
Deputéierten